

REGLEMENT « FUN CHALLENGE CLIÄRREF »

D'CHALLENGE 3: MOVE IT

Dauer: bis de 14. November

Hei ass d'Challenge 3 vun der FUN CHALLENGE CLIÄRREF

No der Bastel-Challenge kënt elo eng méi „aktiv“ Eerausforderung op Eech duer. Mir wënschen eis vun Eech e kuerze Videoclip zum Thema «Aktiv fir Cliärref» op Basis vu verschidde Musiken déi mer Eech dofir zur Verfügung stellen. Dir kënt an dësem Video enger Choréografie nodanzen, Eech selwer eng Choréografie ausdenken, sportlech Übungen maachen oder eng Mise en scène duerstellen. Dir kënt Eech eng Musik eraussichen. Dat Ganzt soll op de Rythmus vun der Musik passen. De Video dierf tëschend 1 Minutt an 3 Minutten maximal daueren. Mindestens 2 Persounen vun Ärer Equipe müssen de selwichte Moment am Video ze gesi sinn a sech beweegen, simultan oder och net. Am Beschten wär natierlich wann all d'Memberen vun Ärer Equipe am Video optauchen. De Video kann bannen an/oder baussen gedréint ginn.

Mir schrauwen de Schwiirigkeetsgrad dozou nach e bëssen erop a ginn Eech verschidden Elementer un déi mer gären am Video wëlle gesinn / erëmfannen:

- en Element zum Thema Fotografie (e Fotoapparat oder eng Foto maachen am Video, eng Foto weisen ...)
- en Element zum Thema Hierscht (Bleeder, Äscht, ...)
- e Prabbeli
- de Logo vun der Gemeng Cliärref

Zum Schluss vun all Video froe mer Eech nach de Packshot matanzebauen deen zur Musik gehéiert (dësen krut dir mat de Musiksstécker matgeschéckt). Hei steet d'Auteurs-Informatioun vun der Musik mat drop. Der kënt dës och op Pabeier geprint einfach zum Schluss am Video weisen.

Schéckt Är faerdeg Kreatioun als Link via wettransfer.com un: city.management@clervaux.lu bis de 14. November nach mat.

Punkteverdeelung:

All Grupp dierf nëmmen 1 Video ofginn.

Akzeptéiert ginn d'Formater: .mp4 a .mov

All Video deen méi ewéi 3 Minutten dauert, gétt net akzeptéiert.

All Equipe déi e Video (no den Regeln) ofgëtt, kritt 2 Punkten.

De Jury evaluéiert:

- d'Kreativitéit vum Video (3 Punkten),
- d'Abauen vun de gefroten Elementer (pro Element 1 Punkt)

Mir wënschen Eech vill Spaass beim aktiven Ëmsetzen vun dëser Challenge.